



# MATDEELUNG

am Kader vun den Artikelen 8 an 9 vum ofgeännerten Gesetz  
vum 4. Februar 2005 iwwert den nationale Referendum

De Schäfferot,

Vu d'Demande vum Comité d'initiative vum 22. Oktober 2021, déi de Premier- a Staatsminister de 26. Oktober 2021 kritt huet, fir e Referendum iwwert d'Proposition vum der Revisioun vum Kapitel VI. vun der Verfassung ze organiséieren;

Vu d'Décision vum Premier- a Staatsminister vum 28. Oktober 2021 iwwert d'Recevabilitéit vun där Demande;

Vu d'Kommunikation vum Premier- a Staatsminister am *Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg*, Memorial A – 761 vum 5. November 2021, an Ausféierung vum Artikel 5 vum ofgeännerten Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwer den nationale Referendum;

## informéiert

d'Wieler, déi d'Walrecht fir d'Chamberswalen hunn an déi an der Gemeng Mäerzeg domiciliéiert sinn, datt si d'Demande iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert d'Proposition vum der Revisioun vum Kapitel VI. vun der Verfassung, déi an éischer Liesung den 20. Oktober 2021 vun der Chamber ugeholl ginn ass, ënnerstëtze kënnen, andeem si sech an de Lëschten aschreiwen, déi an der Gemeng **vum 19. November 2021 bis den 20. Dezember 2021 abegraff, opleien.**

Während dëser Period sinn d'Lëschten op folgende Plazen an zu folgenden Zäiten zougänglech:

### Uert:

**Administration communale de Mertzig**  
22 Rue Principale  
L-9168 Mertzig

### Deeg an Zäiten:

Méindeg	08h30 – 11h30 // 13h30 – 16h30
Dënschdeg	08h30 – 11h30 // 13h30 – 16h30
Mëttwoch	08h30 – 11h30 // 13h30 – 18h30
Donneschdeg	08h30 – 11h30 // 13h30 – 16h30
Freideg	08h30 – 11h30 // 13h30 – 16h30

D'Verwaltung ass **ausnahmsweis an ausschließlic**h op, fir déi betreffend Lëscht z'ënnerschreiwen, an dat **Samschdes**, jeweils vun 10h00 bis 12h00:

20. November 2021, // 27. November 2021 an  
04. Dezember 2021 // 11. Dezember 2021 // 18. Dezember 2021.

Den Text vun der Proposition vum der Revisioun vum Kapitel VI. vun der Verfassung kann op den uewe genannte Plaatzen an zu den uewe genannten Zaiten agesi ginn.

Fir d'Demande iwwert de Referendum z'ënnerstëtzen muss de Wieler sech perséinlech op senger Gemeng presentéieren. De Wieler muss säin Numm, seng Virnimm a seng Adress dem zoustännegen Agent matdeelen an eng gültig Pièce d'identité virweise kënnen.

Nodeems den Agent kontrolléiert huet ob de Wieler op de Wielerlëschten agedroen ass, leet den Agent dem Wieler d'Aschreiwungslëschte vir an dréit dem Wieler säin Numm, seng Virnimm a säi Gebuertsdatum an.

Nodeems de Wieler dës Aschreiwunge kontrolléiert huet, ënnerschreift hien d'Lëscht.

De Wieler deen duerch e physeschen Handicap net ënnerschreiwe kann, däerf sech vun enger Persoun begleede loossen, déi a sengem Numm ënnerschreiwen däerf. Dës begleedend Persoun däerf kee kommunaalt, nationaalt oder europäescht Mandat bekleeden, si muss liesen a schreiwe kënnen an däerf net gemäß de Bestëmmungen vum Artikel 6 vum ofgeännerten Walgesetz vum 18. Februar 2003, vum d'Walrecht ausgeschloss sinn.

Et däerfen déi Wieler ënnerschreiwen déi den Dag virum Ufank vun der Ënnerschräfte Sammlung op de Wielerlëschte fir d'Chamberwale agedroe sinn.

Déi Wieler déi net op der Wielerlëscht vun der Gemeng stinn, müssen eng Décisioun vum Buergermeeschter vun hirem Wunnuert respektiv vun enger Geriichtsinstanz virweise kënnen déi bezeit datt si d'Walrecht an där Gemeng hunn.

Déi Wieler déi zwar op dese Wielerlëschten agedroe sinn, mee déi hiert Walrecht duerch eng gesetzlech Bestëmmung oder duerch e Geriichtsbescheed oferkant kritt hunn, däerfe sech net un der Ënnerschräfte Sammlung bedeelegen.

All Wieler däerf nëmmen eemol d'Lëscht ënnerschreiwen. D'Ënnerschreiwen am Numm vun enger drëtter Persoun ass verbueden ausser am Fall wou eng Persoun eng handicapéiert Persoun begleet.

**D'Ënnerschrëft vum Wieler op der Lëscht bedeit datt dese Wieler d'Demande fir d'Ofhale vun engem Referendum ënnerstëtzt.**

Dës Demande ass nëmmen dann ugeholl, wa 25.000 Wieler se ënnerstëtzen.

De Schäfferot,

Mike Poiré, Buergermeeschter  
Stefano D'Agostino, Schäffen  
Isabelle Elsen-Conzemius, Schäffen